



Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 6802 vum 9. September 2022 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen

Ad 1), 2), 4)

Als Deel vun der "Continuité du Service" huet d'Police sech zënter laangem schonn d'Moyene ginn, fir am Fall vun engem Blackout hir essentiell Missioun weider kënnen oofzedecken. Des "Continuité du Service" mécht spezifesch Pläng onnéideg. Déi kritesch Gebaier a Servicer vun der Police sinn technesch esou opgestallt, dass si am Fall vun engem Blackout – je no Unitéit – vu mindestens eng Stonn, bis zu e puer Deeg fir den Noutruff 113 an déi national Asazentral, autonom kënnen funktionéieren. All neie Kommissariat gëtt deementspreechend ausgerüst an den interne Kommunikatiounsreseau ass och géint e Blackout geschützt.

Ad 3)

Am Fall vun engem Blackout sinn d'Hauptprioritéiten vun den operationellen Unitéiten, d'Oprechterhaltung vun der öffentlecher Uerdnung an d'Sécherheet vun Bierger ze garantéieren. Sämtlech disponibel Effektiver ginn fir sou Interventiounen zur Verfügung gestallt.

Lëtzebuerg, de 5. Oktober 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX